n° 3146

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/11/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

En interministerielle Grupp, bestoend aus dem Ministère de la Santé, dem Ministère de la Famille et de l'Intégration, dem Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse an dem Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes, schafft aktuell zesumme mam Planning Familial an der 4motion ASBL eng Strategie fir d'Fërderung vun der sexueller Gesondheet aus.

Am Kader vun dësem Projet goufen och Elterevertrieder invitéiert, hiren Avis zu der Fërderung vun der sexueller Gesondheet an der Schoul of ze ginn.

D'Thema vun der sexueller Gesondheet an d'Fro, wéi ee Kanner ab dem Primärschoulsalter scho mat dësem Sujet a Kontakt bréngе kann, polariséieren: Extrem konservativ Astellunge stinn ultra liberale Virstellunge géigeniwwer an dofir ass et onméiglech alleguerten de Fuerderungen aus der Zivilgesellschaft gerecht ze ginn.

Gläichzäiteg ass et en extrem villsäitegt Thema, wat Gläichberechtegung, Gewaltfräiheet, sexuell Selbstbestëmmung an d'Freed um eegene Kierper an un der eegener Sexualitéit fir Persoune vun alle Geschlechter, aus alle Kulturen, vun all Alter a mat oder ouni Behënnerung behandele soll. Persoune mat verschiddensten Hannergrënn missten dofir an e participative Prozess agebonne ginn, fir ze verhënneren, dass gewësse Persounegruppe wärend de Consultatioune vun de Ministèren net representéiert sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Mat wéi engen zivilgesellschaftleche Gruppen (Elterevereenegungen, Veräiner oder net organiséierte Gruppéierungen) huet de Bildungsminister am Kader vun deem neie Projet iwwert d'Fërderung vun der sexueller Gesondheet Kontakt opgeholl?
2. Wéi huet de Bildungsminister séchergestallt, dass och Eltere vu Kanner mat kierperlechen oder geeschtegen Aschränkunge consultéiert ginn?
3. Wéi huet de Bildungsminister séchergestallt, dass Eltere consultéiert ginn, déi

verschiddensten kulturell Hannergrënn hunn?

4. Wéi huet de Bildungsminister séchergestallt, dass och Eltere vun transsexuelle Kanner consultéiert ginn?

5. Wéi huet de Bildungsminister séchergestallt, dass och Eltere vun intersexuelle Kanner consultéiert ginn?

6. Wéi huet de Bildungsminister séchergestallt, dass och Eltere vu Kanner, déi lesbesch, schwul oder bisexuell sinn, consultéiert ginn?

7. Huet de Minister och d'Schüler selwer (insbesonnesch aus de méi héije Klassen) gefrot, wéi si sech virstellen, dass de Sujet vun der Sexualitéit an der Schoul kéint thematiséiert ginn?

8. Wat mécht de Minister mat den Avisen, déi d'Elterevertrieder (an eventuell Schüler oder aner Gruppen) ofginn hunn?
   Wéi fléissen d'Avisen an déi ministeriell Aarbecht an?
   Wäerten ëffentlech zougänglech Rapporten iwwert d'Consultatioune mat der Zivilgesellschaft gemaach ginn, an deene festgehale gëtt, wat déi eenzel Virschléi vun den Elteren (an eventuell de Schüler oder anere Gruppen) waren, a wéi eng Iddien aus wéi enge Grënn verworf oder zeréck behale goufen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3146 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

En interministeriellen Aarbechtsgrupp mat Vertrieder aus dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, dem Gesondheetsministère, dem Familljeministère an dem Ministère fir d'Gläichstellungtëschent Fraen a Männer, huet zanter der Entsteeung vum éischten *Nationalen Aktiounsprogramm 2013-2018 zur Fërderung vun der affektiver an der sexueller Gesondheet* mat Acteuren an Experten aus der Zivilgesellschaft zesummegeschafft fir d'Aktioune vum genannte Programm ze definéieren an d'Ëmsetzung dervun ze suivéieren. Am Januar 2019 ass dëse Programm vun alle concernéierte Ministèren an Acteuren adaptéiert a weidergefouert ginn. Am Kader vum *Nationalen Aktiounsprogramm 2013-2018* ass de Centre national de Référence pour la Promotion de la Santé affective et sexuelle (CESAS) an d'Liewe geruff ginn, deen d'Aufgab huet, fir d'Ëmsetzung vun den Aktioune vum Programm ze ënnerstëtzen, grad sou wéi och déi concernéiert Ministèren an hire jeeweilege Kompetenzberäicher.

De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend schafft enk mam CESAS a mat anere Partner aus der Zivilgesellschaft zesummen, fir d'Ëmsetzung vun de jeeweilegen Aktiounen aus dem Programm ze garantéieren.

Des Weideren ass am Juli 2018 den *Nationalen Aktiounsplang "Promotion des droits des personnes lesbiennes, gays, bisexuelles, transgenres et intersexes"* a Kraaft getrueden. An dësem Kontext huet de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend eng Journée organiséiert, fir zesumme mat alle relevante Partner aus der Zivilgesellschaft, Vertrieder vun der Jugend, Elteren a Professionellen aus dem Bildungssecteur déi bildungsspezifesch Aktioune vum Plang ze identifizéieren an ze definéieren.

De Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) bitt eng Rei Projeten an der Grondschoul an am Lycée un:

1. *Schoulhiewan : Wou kommen d'Puppelcher hier ?*

De pedagogeschen Atelier *„Wou kommen d'Puppelcher hier?"* gëtt zanter enger Rei Joren an de Schoule vum Enseignement fondamental vun enger Schoulhiewan ugebueden, dëst am Partenariat mam SCRIPT. De SCRIPT probéiert mat dëse kandgerechten Atelieren, déi an der Reegel tëscht 3 a 4 Stonnen daueren, wichteg Thematiken ofzedecken. D'Theme vun den Ateliere ginn dem Alter vun de Kanner ugepasst, esou datt Klasse vun C1-C4 vun dëser Offer profitéiere kënnen.

2. *Pilotprojet „Wat äntweren?" vum Planning familial*

De Pilotprojet *„Wat äntweren?"*, dee vum Planning familial gedroe gëtt, an deen de SCRIPT ënnerstëtzt, huet als Zil, Eltere geneesou wéi Enseignanten e praktesche Guide zur Hand ze ginn, dee wichteg Informatiounen an Äntwerten liwwert, fir op Froen ze äntweren, déi Kanner sech ronderëm d'affektiv an d'sexuell Gesondheet stellen. Dëse Guide riicht sech un Elteren an Enseignanten vum Enseignement fondamental wéi vum Enseignement secondaire.

Am Kontext vun dësem Pilotprojet huet de SCRIPT iwwert eng Plattform vun der nationaler Elterevertriedung eng Ëmfro gestart, wéi e Slogan fir de Projet bei den Elteren am beschten ukënnt. Eltere konnten sech mellen, fir bei der Ëmfro matzemaachen. Déi Elteren, déi sech gemellt hunn,

kruten doropshi verschidde Sloganen zougeschéckt a konnten hir Meenung dozou ofginn. D'Resultater vun der Ëmfro si vum SCRIPT un de Planning familial weidergeleet ginn.

3. *Jill ist anders*

De Film *„Jill ist anders"* ass e Kuerzfilm am Trickfilmformat, dee vum M. Luan Lamberty, deen am Kader vun der Themewoch: *„Intersex? Variationen der Geschlechtsmerkmale? Eine Woche zum Lernen und Lehren"*, déi vum 26.-31.10.2020 stattfonnt huet, realiséiert gëtt. E baséiert op engem Kannerbuch mam selwechten Titel. Dëse Film thematiséiert op eng kandgerecht Aart a Weis d'Thematik Intersex.

4. *Theaterstéck "Was heißt hier Liebe "*

Dëst Theaterstéck fir Jugendlecher gouf ausgeschafft zu aktuellen Theme ronderëm d'Sexualitéit. Eng Vir- an Nobereedung vum Stéck kann iwwer eng theaterpedagogesch Materialmapp beim Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires (CePAS) ugefrot ginn.

5. *Theaterstéck „Ein Känguru wie Du"*

Dëst Theaterstéck riicht sech un d'Cyclen 3 a 4 a befaasst sech mat den Theme Frëndschaft, Identitéit, Respekt souwéi dem Iwwerwanne vu Viruerteeler. En thematescht Begleedheft ass beim SCRIPT a beim Zentrum fir politesch Bildung disponibel.

7. *Ausstellung "Mon Corps est à moi!"*

Dës Ausstellung zum Thema Preventioun viru sexueller Gewalt riicht sech un d'Cyclen 3 a 4. De Selbstwäert an de Selbstschutz vu Kanner soll gestäerkt ginn an domat solle si och preventiv viru sexuellem Mëssbrauch geschützt ginn. D'Elterevertriedunge ginn iwwer hir Plattform forméiert, an d'Eltere vun deene Kanner, déi d'Ausstellung besichen, mat enger Brochure iwwer déi Ausstellung an déi 6 Preventiounsthemen.

8. *Ausstellung „Jugendliche und sexuelle Gewalt – Echt krass – Wo hört der Spaß auf?"*

D'Zil vun dëser Ausstellung ass et, déi Jugendlech fir sexuell Grenzverletzungen ze sensibiliséieren. Den interaktive Preventiounsparcours riicht sech u Jugendlecher tëschent 14 a 16 Joer souwéi un d'Léierpersonal an d'Mataarbechter vun de Service psycho-social et d'accompagnement scolaires (SePAS) an de Services socio-éducatifs vun den Lycéeën. D'Elteren, déi d'Ausstellung besichen, gi mat engem Informatiounsflyer iwwer déi Ausstellung an hir 5 Preventiounsthemen informéiert.

**Ad 2) an 3)**

Déi National Elterevertriedung, déi zanter dem 1. August 2018 besteet, huet 12 demokratesch gewielte Memberen, dovunner sechs Elterevertrieder vu Lycéesschüler, véier Elterevertrieder vu Grondschoulkanner an zwee Elterevertrieder vu Schüler aus de Kompetenzzentren.

Si gëtt op Ufro hi consultéiert, notamment och am Kontext vun der Ëmsetzung vun de genannten Aktiounspläng.

**Ad 4), 5) an 6)**

De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend huet en internen Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff, deen d'Ëmsetzung vun de genannten Aktiounspläng a sengem Kompetenzberäich koordinéiert a mat

de relevante Verwaltungen, Servicer an externen Experten zesummeschafft, dëst esouwuel am Beräich vun der formaler Bildung, wéi och am Beräich vun der non-formaler Bildung.

An dësem Kader gi reegelméisseg Acteuren aus der Zivilgesellschaft wéi zum Beispill d'Associatioun ITGL (Intersex Transgender Luxembourg) an de Centre LGBTIQ+ Cigale consultéiert. Duerch de reegelméissege Kontakt mat Eltere vun de concernéierte Kanner am Kader vun den Informatiounssessiounen, Consultatiounen an Formatiounen, déi vum CePAS a vun de SePAS organiséierten ginn an déi der Diversitéit vun all de Kanner an hire Famillje gerecht solle ginn, fléissen och reegelméisseg nei Erkenntnisser vun der Säit vum CePAS als staatlech Verwaltung mat an d'Ëmsetzung vun den Aktiounen eran.

Dat psycho-sozio-edukatiivt Personal vun de Lycéeë gëtt och reegelméisseg weidergebilt, informéiert a sensibiliséiert, fir de Kanner a Jugendlechen ee séchere Kader ze bidden.

Des Weidere gi verschidde Schoulbicher reegelméisseg der gesellschaftlecher Diversitéit ugepasst.

**Ad 7)**

Am Joer 2021 wäert de Conseil Supérieur de la Jeunesse, wou notamment Schüler a Studenten dra vertrueden sinn, ëm hiren Avis zu dësem Sujet gefrot ginn, am Kader vun der Ëmsetzung vun den Aktiounen aus deenen zwee genannten Aktiounspläng.

**Ad 8)**

D'Avise vun der Nationaler Elterevertriedung gi vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend considéréiert, gepréift an am Kontext vu reegelméissegen Echangen tëscht deenen zwee Acteuren diskutéiert. Dës Diskussioun erlaabt e gemeinsamt Verständnes ze kréie vun engersäits dem Avis vun der Nationaler Elterevetriedung an anerersäits och de Realitéite vun der Ëmsetzung um Terrain.